

100 Joer

lëtzebuergesche Walsystem:

Ass eng Reform néideg?

Eng Podiumsdiskussioun iwwert Themen wéi Panachage,
Walbezierker an den elektronnesche Vott mat eise Gäscht:**Charles Goerens**Europadeputéierten,
fréiere Minister fir
Verdeedegung, Kooperatioun,
Entwécklungshëllef an Ëmwelt,
fréieren Deputéierten (DP)**Djuna Bernard**Députéiert,
Co-Presidentin vun déi gréng**Fernand Fehlen**Soziolog, Enseignant & Chercheur
op der Uni.lu**Franz Fayot**

Deputéierten, President LSAP

**Simone Beck**

Historikerin

**Christophe Hansen**Europadeputéierten,
Gemeengeconseiller (CSV)Presentéiert vum
Marco Goetz

Mëttwochs, de

15. Mee
um 19:30**Raphaël Kies**Chercheur an der Politologie op der
Uni.lu**Dan Schmit**Doktorand an der Politologie op der
Uni.lu

am Kultur- a Veräinsbau «An der Eech», Sall Rob Roemen

Lokale Referendum iwwert de Wiessel vum Walbezierk

Mir si frou, dass d'Leidelenger Leit d'Wuert kréien

464 Ënnerschrëfte vu Leidelenger Bierger en Faveur vun engem lokale Referendum sinn zesumme komm. Vun deene waren der 439 um Enn gültig. Domadder war de néidege Quorum vun 355 Ënnerschrëfte (25% vun de Leidelenger Wieler) lagement erreicht.

Mir soen de Leidelenger Leit e grouse Merci fir dee waarmen Accueil an d'Ënnerstëtzung vun eiser Initiativ, déi an d'Richtung vun enger méi grousser Participatioun vun de Bierger um politeschen Debat geet.

Et ass eréischt fir d'zweete Kéier, dass zu Lëtzebuerg e Referendum op de Wëlle vum Vollek hin organiséiert gëtt. Et ass äre Referendum, dofir notzt d'Chance är Meenung ze äusseren.

Mir konnte vill interessant Diskussiounen mat iech iwwert d'Thema Bezierkswiessel an awer och eng ganz Rei aner gemengepolitesch Theme féieren. Eng Partie Doleancen, déi an deenen Diskussiounen un eis erugedroe gi sinn, hu mer schonns am Gemengerot thematiséiert a mir wäerten och domadder weiderfueren.

E consultative Referendum: Firwat iwwerhaapt ofstëmmen?

Och wann et sech „just“ ëm e consultative Referendum handelt, si mer frou, dass d'Leidelenger Leit hier Meenung zu deem Thema äussere kënnen a mir ruffen och jiddereen dozou op dat ze maachen.

Déi grouss Parteien hu gesot, dass fir si e Bezierkswiessel vu Koplescht (wou schonns 63% fir e Bezierkswiessel gestëmmt hunn) a Leideleng (am Fall vun engem positive Vott) problematesch ass. Wann, da misst een de ganze Walsystem op de Leescht huelen a reforméieren. Mir sinn der Meenung, dass nëmme wann d'Diskussioun iwwert de Walsystem oprecht erhale gëtt, och eppes geschéie kann. De Medienecho deen et am Virfeld vun dësem Referendum gouf weist:

Et ass net irrelevant, wéi d'Leidelenger Leit an dësem Referendum ofstëmmen.

Mir ruffen dowéinst all déi, déi der Meenung sinn, dass eisen aktuelle Walsystem den haitegen Zäiten net méi gerecht gëtt, dozou op mat „Jo“ ze stëmmen, och wann se vläicht léiwer en eenheetleche Walbezierk wéi e Bezierkswiessel hätten.

Am Virfeld vum Referendum vum 26. Mee organiséiere mer dofir och eng Podiumsdiskussioun iwwert de lëtzebuergesche Walsystem.

Firwat en Faveur vun engem Wiessel vum Walbezierk stëmmen?

Generell sinn d'Deputéiert an „hirem“ Walbezierk ënnerwee. Wéi sollen d'Leit mat den Deputéierten aus hirem Bezierk an d'Gespréich kommen, wann hiren Alldag sech gréisstendeels guer net an deem Bezierk ofspillt? Dobäi kënn, dass Leideleng éischter vu Problemer an a ronderëm d'Stad betraff ass, wéi vu Problemer am Süde vum Land.


Ronn 550 Leidelenger Leit schaffen eleng an der Stad, wat iwwer d'Halschent vun de Leidelenger Salariee sinn. Wann een déi Leit dobäi hält déi an aneren Zentrums-Gemenge wéi z.B. Bartreng oder Stroossen schaffen, kann een dorausser schléissen, dass just eng Minoritéit vun de Leidelenger am Süde schafft.

A punkto ëffentlechen Transport, ass Leideleng wesentlech besser un den Zentrum wéi un de Süden ugeschloss. Sou verbënnt d'AVL-Linn 4 Leideleng an d'Stad am 20-Minuten-Takt. Och gëtt et en direkte Schoulbus tëscht Leideleng an dem Campus Geesseknäppchen. Eng TICE-Linn oder e Schoulbus op Esch ginn et allerdéngs net. D'Busser déi Leideleng mat Esch verbannen, hale just am südlichen Deel vun der Gemeng.

All déi grouss Infrastruktur-Projeten déi d'Regierung zu Leideleng an Émgéigend wëll réaliséieren fokusséieren sech staark op d'Stad Lëtzebuerg. Sou wäerten d'Extensi-

oun vum Tram op Leideleng vun der Cloche d'Or respektiv vun der Porte de Hollerich aus oder awer och de Bau vum Boulevard de Cessange/Merl e staarken Impakt op d'Verkéierssituatioun zu Leideleng hunn.

No der Podiumsdiskussioun, hunn d'Leit am Sall d'Méiglechkeet eisen Invitéé Froen ze stellen. Eis 4 Gemengeconseillere Lou Linster, Jean-Pierre Roemen, Patrick Calmus a Marcel Jakobs wäerten och op der Plaz sinn. Sollten nach Froen zum Referendum sinn, stinn och si iech Ried an Äntwert.



Wëllt dir, dass d'Gemeng Leideleng dem Walbezierk Zentrum ugeschloss gëtt?

Souhaitez-vous que la Commune de Leudelange soit rattachée à la circonscription électorale du Centre ?

464 signatures de citoyens leudelangeois ont pu être collectées en faveur d'un référendum local. 439 de ces signatures étaient finalement valides. Le quorum nécessaire de 355 signatures (25% des électeurs leudelangeois) a donc largement été atteint.

Nous souhaitons remercier les citoyens de Leudelange pour l'accueil très chaleureux qu'ils nous ont réservé et le soutien à notre initiative qui va dans le sens d'une plus grande participation des électeurs au processus électoral.

C'est pour la deuxième fois seulement qu'un référendum s'appuyant sur une demande des citoyens est organisé au Luxembourg. C'est votre référendum, donc profitez de l'opportunité d'exprimer votre opinion.

L'expérience du dialogue avec les habitants de Leudelange a été très enrichissante. Nous avons pu mener d'intéressantes discussions sur le changement de la circonscription électorale, mais aussi sur de nombreux autres sujets de la politique communale. Au sein du conseil communal, nous avons déjà thématiquement un certain nombre de doléances qui nous ont été adressées lors de ces discussions. Dans les prochains mois, nous allons faire de même pour toutes les autres doléances.

Un référendum consultatif: Pourquoi voter ?

Même s'il s'agit «seulement» d'un référendum consultatif, nous sommes heureux que la parole soit donnée aux citoyens de Leudelange et qu'ils puissent exprimer leur opinion à ce sujet. Nous appelons chaque électeur leudelangeois à participer au vote.

Les grands partis ont dit qu'un changement de la circonscription électorale de Kopstal (où 63% des électeurs ont voté en faveur d'un tel changement) et de Leudelange (en cas d'un vote positif) est problématique. Selon eux, il faudrait plutôt songer à une réforme globale du système électoral. Nous sommes d'avis que c'est seulement en suscitant la discussion sur le système électoral que quelque chose changera.

Nous appelons donc tous ceux, qui sont d'avis que notre système électoral n'est plus adapté aux réalités de nos jours, à voter par «Oui», même s'ils préfèrent plutôt l'introduction d'une circonscription unique à un changement de la circonscription électorale.

Avant le référendum du 26 mai, nous organiserons une table ronde sur le système électoral luxembourgeois.

Pourquoi voter en faveur d'un changement de la circonscription électorale ?

En règle générale, les députés sont présents dans «leur» circonscription. Comment les citoyens peuvent-ils entrer en contact avec les députés de leur circonscription, si leur vie quotidienne ne se joue majoritairement pas dans cette circonscription ? De plus, Leudelange est plutôt concerné par des problèmes dans et autour de la Ville de Luxembourg que par des problèmes au Sud du Pays.

Environ 550 Leudelangeois travaillent au sein de la Ville de Luxembourg, ce qui équivaut à plus de 50% de tous les salariés leudelangeois. Si on y ajoute les personnes qui travaillent dans d'autres communes du Centre comme Bertrange ou Strassen, on peut en conclure qu'une minorité de Leudelangeois seulement travaillent dans le Sud.

En ce qui concerne les transports publics, Leudelange est bien mieux connecté au Centre qu'au Sud. Ainsi la ligne AVL 4 (VdL) relie Leudelange à la capitale toutes les 20 minutes. Il existe également un bus scolaire entre Leudelange et le Campus Geesseknäppchen. Une ligne TICE ou un bus scolaire en direction de Esch par contre n'existent pas à Leudelange. Les bus reliant la capitale à Esch font seulement halte dans la partie Sud de la commune.

Tous les grands projets d'infrastructure que le gouvernement désire réaliser à Leudelange et dans ses environs ont une relation forte avec la Ville de Luxembourg. Ainsi, l'extension du tram à Leudelange à partir de la Cloche d'Or respectivement de la Porte de Hollerich ou la construction du Boulevard de Cessange/Merl auront une forte influence sur la situation du trafic à Leudelange, influence qui sera probablement positive.

Après la table ronde, tout le monde aura la possibilité de poser des questions à nos invités. Nos 4 conseillers communaux Lou Linster, Jean-Pierre Roemen, Patrick Calmus et Marcel Jakobs y seront également présents. Ils répondront à toutes vos questions au sujet du référendum local.

100 ANS

de système électoral luxembourgeois :

Une réforme est-elle nécessaire ?

Une table ronde sur des sujets comme le panachage, les circonscriptions électorales et le vote électronique avec nos invités :



Charles Goerens

Député européen, ancien ministre de la défense, de la coopération, de l'action humanitaire et de l'environnement, ancien député (DP)



Djuna Bernard

Députée, co-présidente déi gréng



Fernand Fehlen

Sociologue, enseignant-chercheur à l'Université du Luxembourg



Franz Fayot

Député, président LSAP



Simone Beck

Historienne



Christophe Hansen

Député européen, conseiller communal (CSV)

Présenté par
Marco Goetz
Traduction simultanée
assurée en français

Mercredi
15 mai
à **19h30**

Raphaël Kies

Chercheur en politologie à l'Université du Luxembourg

Dan Schmit

Doctorant en politologie à l'Université du Luxembourg

au Centre sociétaire « An der Eech », salle Rob Roemen